

DE SCHLOPPER



D'ZEITUNG VUN DER GEMENG BETTENDUERF

FEBRUAR 2021

GEMENGEVERWALTUNG ADMINISTRATION COMMUNALE

T. 281 254 | F. 281 254 299
1, Rue Neuve | L-9353 Bettendorf

www.bettendorf.lu

HEURES D'OUVERTURE

	LUNDI	MARDI	MERCREDI	JEUDI	VENDREDI
matin	08.00–11.30	08.00–11.30	fermé	08.00–11.30	07.30–11.30
après-midi	13.30–18.00	13.30–16.00	fermé	13.30–16.00	13.30–16.00

NUMÉROS DE TÉLÉPHONE UTILES

COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS

HANSEN Pascale, bourgmestre
T. 281 254 202
bourgmestre@bettendorf.lu

VAZ DO RIO José, échevin
T. 691 809 662
jose.vazdorio@bettendorf.lu

MERGEN Patrick, échevin
patrick.mergen@bettendorf.lu

SECRÉTARIAT

SCHLECHTER Mireille, secrétaire communale
T. 281 254 201
secretariat@bettendorf.lu

VAN DIJK Linda, expéditionnaire administrative
T. 281 254 207
linda.vandijk@bettendorf.lu

BUREAU DE LA POPULATION

AULLO Kelly, rédacteur
T. 281 254 204
population@bettendorf.lu

RECETTE

DISTELDORFF Serge, receveur
T. 281 254 203
recette@bettendorf.lu

ACCUEIL

ANDRE-HOFFMANN Simone, employée communale
T. 281 254 200
info@bettendorf.lu

SERVICE TECHNIQUE

MARTINS Helder, ingénieur technicien
T. 281 254 208
technicien@bettendorf.lu

SEYLER Conny, expéditionnaire technique
T. 281 254 212
conny.seyler@bettendorf.lu

HEURES D'OUVERTURE

	LUNDI	MARDI	MERCREDI	JEUDI	VENDREDI
matin	08.00–11.30	08.00–11.30	fermé	08.00–11.30	07.30–11.30
après-midi	sur rdv	sur rdv	fermé	sur rdv	sur rdv

ATELIER COMMUNAL

PUTZ Paul, préposé
T. 281 254 222
technique@bettendorf.lu
8A, Rue de la Gare L-9353 Bettendorf

JOST Frank, concierge
T. 281 254 313
concierge@bettendorf.lu

Editeur

Gemeng Bettenduerf
D'Zeitung gëtt publizéiert ënnert der Responsabilitéit
vum Schäfferot

Redaktiounscomité

D'Bulletinskommissioun vun der Gemeng Bettenduerf

Memberen: Back Albert, Castiglia Pir, Haas Pierre, Sauber Jean-Marie,
Troes Paul (President)

Kontakt: bulletin@bettendorf.lu

Layout

a | part

Fotoen

Haas Pierre, Jean-Marie-Sauber, Maison Relais; Crèche

Foto Couverture: Haas Pierre, Gilsdref, Am Ahl

Redaktiounsschluss fir dëi nächst Gemengenzeitung ass den 01.05.2021.

Schéckt Är onformatéiert zesummenhängend Texter an Är onbearbescht
Fotoën a gudder Opléisung separat op bulletin@bettendorf.lu.

D'Artikelen sinn ënnert der Verantwortung vum jeeweilige Signataire.

EDITORIAL

GEMENGEROT

› 23.09.2020	07
› 28.10.2020	09
› 16.12.2020	10

GEMENGENINFORMATIOUNEN

› D'Maison Relais an d'Crèche am Dappeshaus maachen hir Dieren op!	15
› D'Crèche Dappeshaus stellt sech vir	47
› Aktivitéiten vun eiser Maison Relais	48
› Nei Offalltaxen	51
› Matdeelung	53

DUERFLIEWEN

› Pascale Ries tritt in den Ruhestand	56
› Adventsstären vun der Gemeng Bettenduerf	58



© Pierre Haas

Méischtref

EDITORIAL

Léif Matbierger a Matbiergerinnen,

D'Joer 2020 war fir eis ALL ee schwieregt Joer, bedéngt duerch déi sanitär Kris, déi eis duerch bal dat ganz Joer 2020 begleet hutt a bis nach haut undauert. Mir als Gemeng hunn oft missen eng Navigatioun à Vue maachen, plangen, emplangen, organiséieren etc.. Dofir si mir immens dankbar fir dat virbildlecht Engagement an d'Flexibilitéit vun alle Mataarbechter (-innen), mä awer och fir d'Versteesdemech vun all eise Matbierger(-innen), jonk an al, an de lëschte Méint.

Mir hoffen natierlech all, dat am Laf vum Joer 2021 erëm e bëssi méi Normalitéit an eis Liewen antrëtt.

De Schäfferot ass awer erliichtert, datt eis nei Maison Relais mat der Crèche "Dappeshaus", mat iwwer 3 Joer Verspéidung bedéngt duerch deen tragesche Brand am Joer 2017, hier d'Dieren am November 2020 endlech konnt opmaachen. An dësem Schloper kritt dir hei ee Abléck an déi nei Gemengeninfrastruktur an där eis Kanner sech lo schonns ganz wuel fillen.

Wéi dir wësst, ginn d'Aarbechten um Schoulcampus zu Bettenduerf awer weider. Eis Gemeng wiest permanent, an sou mussen och mir nohalteg denken an un der Zukunft plangen. An deem Sënn plange mir lo schonns un enger dréngend gebrauchter neier Schoulkichen. Parallel moderniséieren a renovéieren mir awer och déi al Schoul zu Bettenduerf, fir nach kuerzfristeg weider Kllassesäll zu Verfügung ze hunn fir d'Cyclen 1-3. D'Schoulhäff, souwuel zu Bettenduerf wéi och zu Gilsdref, sollen dann och erneiert ginn.

Mir hoffen och, dat mir am Joer 2021, zesumme mam Bureau EPI an dem Waasserwirtschaftsamst, de Projet vum Eigenschutz vun de Gebailechkeete vun eisen Awunner kënnen weiderbréngen. Vill Leit waren am Hierscht 2020 op eisen 2 Informatiounsversammlungen zu Gilsdref an zu Bettenduerf an hunn hiren Interessi un dem Projet gewisen. Et ass elo un eis fir en ëmzesetzen.

Mir sinn och houfreg, dass mir Iech och matdeele kënnen, dass d'Gemeng Bettenduerf zënter Dezember 2020 eng zertifizéiert Klimapakt Gemeng ass. An deem nächste Schloper, am Summer 2021, wäerte mir dann och méi detailléiert op dëst Thema agoen an Iech erklären wéi mir all, als Gemeng, Veräin an Bierger (-Innen) eis kënnen engagéieren.

Soubal d'Méiglechkeet och rëm besteet, wäerten mir un der Traditioun vun eiser jährliecher Informatiounsversammlung rëm uknëppen an Iech nach méi am Detail iwwert déi aktuell Projeten aus eiser Gemeng informéieren.

Natierlech stinn mir Iech awer och soss zu all Moment zur Verfügung, fir op Är Froen, oder Suggestiounen anzegoen.

Mir wënschen Iech eng flott Lecture vun dëser neier Editioun vum Schloper.

Léif Gréiss
Äre Schäfferot.

GEMENGEROT



© Pierre Haas

Mouschbiere - Gilsdref

23.09.2020

Présents : Pascale Hansen, José Vaz Do Rio, Patrick Mergen, Albert Back, Suzette Serres, Jean-Marie Sauber, Romain Heirens, Lucien Kurtisi

1. Le conseil communal décide unanimement d'approuver le plan de gestion annuel des forêts communales exercice 2021, comme suit :

	Investissements	Recettes
1. Gestion durable des forêts	44.900€	111.000€
2. Gestion durable des forêts	5.500€	
3. Protection de la nature	18.000€	
4. Sensibilisation	14.500€	
5. Ressources cynégétiques		5.500€
6. Surveillance et Police		
7. Logistique et personnel	33.000€	
TOTAL	115.900€	116.500€

2. Le conseil communal décide unanimement d'arrêter le programme annuel des travaux à effectuer dans l'intérêt de la voirie rurale, exercice 2021 comme suit :

Localité	Section	Lieux-dits	Nature des travaux	Longueur	largeur	Exercice
Bettendorf	A	Auf der Urheck	Béton asphaltique	650	4	2021
Moestroff	B	In den langen Losen	Béton asphaltique	580	3,5	2021
Gilsdorf	C	Auf der Kepp	Béton asphaltique	380	3,5	2021

3. Le conseil communal décide avec six voix et une abstention (Heirens) les modifications du budget ordinaire de l'année 2020 comme suit :

Articles	justifications	dép. admises antérieurement	dépenses en plus	nouveaux montants
Recettes	Compensation des nouv. dépenses par absorption partielle du boni du compte de gestion de 2019 (18.461.895,20€)			
Dépenses				
3/120/611200/99002	Locations – matériel informatique	45.000€	20.000€	65.000€
3/130/612300/99001	Contrats de maintenance mat. Informatique serv. technique	30.000€	20.000€	50.000€
3/130/603500/99001	Fournitures de bureau service technique	200€	2.000€	2.200€
3/180/624000/99001	Caisse de prévoyance	140.000€	15.000€	155.000€
3/223/612150/99001	Achat de repas sur roues destinés à la revente	15.000€	6.000€	21.000€
3/320/608121/99003	Fournitures service d'incendie	5.000€	6.000€	11.000€

3/411/612200/99001	Services d'entretien – chemins ruraux	-	240.000€	240.000€
3/441/612200/99001	Services d'entretien – arrêts de bus	5.000€	25.000€	30.000€
3/452/608121/99001	Fournitures d'entretien antenne	15.000€	10.000€	250.000€
3/452/612200/99001	Services d'entretien réseaux (antenne)	10.000€	10.000€	20.000€
3/452/646800/9002	Redevances câble	30.000€	22.000€	52.000€
3/510/618400/99002	Enlèvement déchets encombrants	8.000€	2.000€	10.000€
3/510/618400/99003	Elimination de déchets verts	2.500€	2.000€	4.500€
3/627/608121/9905	Fournitures atelier électrique	10.000€	5.000€	15.000€
3/627/6141000/99002	Assurances sur véhicule	30.000€	2.000€	32.000€
3/640/612200/99001	Services d'entretien éclairage public	10.000€	5.000€	15.000€
3/910/612300/99002	Maintenance chauffage école	5.000€	2.000€	7.000€
Total :			394.000 €	

4. Unaniment le conseil communal fixe les taux multiplicateurs de l'impôt commercial communal et de l'impôt foncier à 350 %.
5. Unaniment le conseil communal décide de garder en suspens une demande de morcellement jusqu'à ce que le nouveau Plan d'Aménagement Général de la commune de Bettendorf entre en vigueur.
6. Unaniment le conseil communal approuve un quatrième ajout au règlement de la circulation de la commune de Bettendorf concernant l'arrêt de bus à Moestroff.
7. Unaniment le conseil communal approuve la convention de l'année 2020 signé avec le centre régional d'animation et de guidance pour personnes âgées (club senior).
8. Avec cinq voix contre deux (Back, Kurtisi) le conseil communal approuve deux conventions avec le CGDIS. La première concernant la reprise en pleine propriété des biens meubles et la deuxième pour la mise à disposition des immeubles au montant de 3000 euros par année.
9. Avec six voix et une abstention (Heirens) le conseil communal approuve un acte notarié par lequel la commune acquiert un immeuble pour l'euro symbolique à Bettendorf, bei der Mühle.
10. Des Titres de recette au montant de 1.223.593,30€ sont signés.
11. Le conseil communal entend les explications de Mme Hansen qui rappelle au conseil communal que leur présence aux « Bürgerforen » au hall sportif à Bettendorf, le 8 octobre 2020 entre 18.00 et 22.00 heures est nécessaire, pourtant il est prévu en première ligne que les citoyens discutent ensemble entre eux.
12. Avec 4 voix contre 3 (Back, Heirens, Kurtisi), le conseil communal approuve le règlement-taxe communal relatif à la gestion des déchets ménagers, encombrants et y assimilés.

Présents : Pascale Hansen, José Vaz Do Rio, Patrick Mergen, Albert Back, Suzette Serres, Jean-Marie Sauber, Romain Heirens, Lucien Kurtisi

1. Avec 7 voix et une abstention (Heirens) le conseil communal arrête le budget rectifié 2020 et budget 2021 de l'office social.
2. Le conseil communal décide avec sept voix contre 1 (Heirens) de créer un poste au service nettoyage.
3. Unaniment le conseil communal approuve deux actes notariés concernant des places à Moestroff pour un total de 1,58 ares.
4. Unaniment le conseil communal approuve une convention réglant avec le locataire et l'entrepreneur les modalités pour la construction d'une piste de chantier lors des travaux d'agrandissement du collecteur du bassin d'orage existant dans la rue « am Krippel » à Bettendorf.
5. Unaniment le conseil communal approuve le rôle concernant la taxe sur l'utilisation de la canalisation, s'élevant au montant de 111.609,48 euros, le rôle concernant la taxe de la vente d'eau, s'élevant au montant de 68.947,82 euros, le rôle concernant la taxe de la vente d'eau, taxe fixe (location compteur), s'élevant au montant de 15.266,28 euros et le rôle concernant la taxe d'enlèvement, destruction et recyclage des ordures au montant de 60.347,50 euros.
6. Des titres de recettes au montant de 867.609,84 € sont signés.
7. Le conseil communal entend les explications de Mme Hansen qui informe que la synthèse des « Bürgerforen » sera présentée au début du mois de décembre.

Le conseil communal décide avec sept voix et 1 abstention (Heirens) de créer un poste au service restauration.

Le conseil communal décide avec sept voix contre 1 (Heirens) de créer un poste au service atelier.

Le conseil communal décide unanimement de créer un poste au service conciergerie. (Les postes vacants seront publiés sur les lieux usuels, après leur approbation par le Ministère).



BUDGET DE L'ANNEE 2021

16.12.2020

Dans sa séance du 16 décembre 2020, le conseil communal a approuvé le budget annuel pour l'année 2021, ainsi que le budget rectifié pour l'année 2020, avec 7 voix (Pascale Hansen, José Vaz Do Rio, Patrick Mergen, Albert Back, Lucien Kurtisi, Jean-Marie Sauber, Suzette Schannel) contre 1 voix (Romain Heirens).

An der Gemengerotssitzung vum 16. Dezember 2020, huet de Gemengerot mat 7 Stëmmen (Pascale Hansen, José Vaz Do Rio, Patrick Mergen, Albert Back, Lucien Kurtisi, Jean-Marie Sauber, Suzette Schannel) géint 1 (Romain Heirens) de Budget rectifié fir d'Joer 2020 souwéi de Budget prévisionnel fir d'Joer 2021 gestëmmt.

Les chiffres clés, avec les explications y relatives, ont été présentés et discutés ensuite en séance publique.

Verschidden Explikatioune goufen an der ëffentlecher Sitzung ofginn.

RECETTES ORDINAIRES :

Budget 2020:	montants autorisés	11.806.388,67€
Budget rectifié:	montants autorisés	10.488.433,34€
	différence	- 1.317.955,33€
Budget 2021:	montants autorisés	11.116.517,93€

Au niveau des recettes ordinaires, le budget pour l'année 2021 et le budget rectifié pour l'année 2020 sont marqués par une forte décroissance des dotations étatiques. Ceci est dû à l'impact de la crise sanitaire actuelle sur les finances étatiques et, corrélativement, sur les finances communales et partant également sur le budget de la commune de Bettendorf.

Si pour l'année 2020, des dotations étatiques à hauteur de 9.590.245,24€ ont initialement été prévues, l'administration communale de Bettendorf a in fine seulement touché la somme de 8.136.390€ ce qui fait une différence considérable de 1.453.855,24€.

Pour l'année 2021, des dotations étatiques à hauteur de 8.697.203,32€ sont prévues.

Wichtig ze soen ass, dat wéinst der aktueller sanitärer Kris bedéngt duerch de COVID 19 d'Recettë fir d'Joer 2020

substantiell gekierzt gi sinn. Vun den initial 9.590.245,24€, déi virgesi waren, krut d 'Gemeng Bettenduerf fir d'Joer 2020 nëmmen 8.136.390, dat heescht eng Differenz vun (-) 1.453.855,24€.

Fir d'Joer 2021, sinn Dotatioune vun 8.697.203,32€ virgesinn.

DÉPENSES ORDINAIRES :

Budget 2020:	montants autorisés	8.920.980,42€
Budget rectifié:	montants autorisés	8.514.661,81€
	Différence	- 406.318,61€
Budget 2021:	montants autorisés	9.502.116,57€

Au niveau des dépenses ordinaires, il incombe de mentionner qu'au courant de l'année 2020 l'administration communale a dépensé 406.318,61€ moins qu'initialement prévu.

Am Budget ordinär huet d'Gemeng 406.318,61€ manner ausginn wéi virgesinn.

Ceci s'explique essentiellement par le fait que, dû à la crise sanitaire, différents travaux, comme notamment le remplacement des serrures sur les portes de bâtiments communaux, des travaux sur la voirie vicinale etc., n'ont pas pu se réaliser.

Dëst erkläert sech virun allem doduerch, dass wéinst der sanitärer Kris verschidden Aarbechten, wéi zum Beispill Aarbechten un den Feldweeër, un der Schliessanlag vun de Gemengegebaier etc. nët realiséiert konnte ginn.

Cependant, les dépenses ordinaires pour l'année 2021 sont marquées par une forte croissance par rapport au budget 2020. Cette croissance s'explique comme suit :

Déi ordinär Ausgaben fir d'Joer 2021 gesinn allerdéngs eng considerabel Hausse vir:

Depuis, le 2 novembre 2020, la crèche Dappeshaus, dont l'administration communale a été le maître d'ouvrage, a ouvert ses portes. La crèche dispose d'une capacité pour 40 enfants. Elle est gérée, comme la Maison Relais, par la fondation Elisabeth. Les frais relatifs à la gestion de cette crèche sont estimés, pour l'année 2021, à 466.650€.

Néanmoins, il incombe de souligner qu'une partie de ces dépenses seront prises en charge par l'Etat et remboursées à l'administration communale

Zenter dem 2. November 2020, funktionéiert d'Crèche an d'Maison Relais am Dappeshaus an der rue du Pont, wou d'Gemeng jo de Maître d'Ouvrage war. D'Crèche hutt eng Kapazitéit vu 40 Kanner a gëtt vun der Fondatioun Elisabeth geréiert. D'Frais'en vun der Gestiou vun der Crèche ginn op 466.650€ chiffriert, wouvun d'Gemeng een Deel vum Staat rembourséiert kritt.

Les frais relatifs à l'Atelier communal / ouvriers communaux ont également augmenté de 335.022€. Depuis l'année 2020, le collège échevinal a décidé de soutenir, sur demande expresse du personnel communal, les formations continues. Les frais pour les formations continues se sont élevés pour l'année budgétaire 2020 à 15.000€ et sont estimés pour l'année 2021 à 45.000€.

D'Frais'en betreffend de Gemengenatelier, respektiv d'Aarbechter vu der Gemeng, sinn och em 335.022€ geklommen. Zenter 2020, ënnerstëtzt de Schäfferot de Wunsch vu sengem Personal fir Formatioun continues kënnen ze maachen. D'Frais'en hunn sech 2020 op 15.000 belaf a si fir 2021 op 45.000€ estiméiert.

Les frais pour les salaires et les charges sociales ont également augmentés de 230.000€. A ce sujet, il échet de souligner que dans sa séance du 28 octobre 2020, le conseil communal a décidé de créer 4 postes d'ouvriers communaux. Ainsi, il est prévu d'engager un jardinier pour épauler l'équipe de l'atelier communal ainsi qu'un chauffagiste pour épauler la conciergerie dans la gestion des bâtiments communaux auxquels se sont ajoutés, la maison Dappeshaus (Crèche et Maison Relais) ainsi qu'à partir de mi-2021, les deux résidences construites par la SNHBM. Deux agents de nettoyage supplémentaires dont un à raison de 30 heures et un à raison de 20 heures seront engagés pour épauler le service de la cantine scolaire respectivement le service de nettoyage.

D'Käschte fir d'Salair an d'Soziallaaschte vum Personal sinn och em 230.000€ geklommen. Hei muss een awer ënnersträchen, dat an der Sëtzung vu, 28. Oktober 2020, de Gemengerot decidéiert huet fir 4 nei Posten ze grënnen bei de Gemengearbechter. Sou ass virgesinn 2021, een neie Gärtner(-in), ee Chauffagiste an 2 Leit fir d'Botzéquipp (Kichen a Maison Relais) anzustellen. Et dierf en net vergiessen dass d'Zuel vun de Gemengegebaier och konstant an d'Luucht gaangen ass, sou ass am Joer 2020 d'Dappeshaus dobäi komm, a Mëtt 2021, kommen nach déi 2 Residenzen, déi SNHBM fir d'Gemeng gebaut huet, dobäi.

RECETTES EXTRAORDINAIRES :

Budget 2020:	montants autorisés	3.498.000€
Budget rectifié:	montants autorisés	366.571,91€
	Différence	3.131.428,09€
Budget 2021:	montants autorisés	4.077.642,84€

Au sujet des recettes extraordinaires, il incombe de souligner et de souligner que le subsidie extraordinaire de la part du Ministère du Logement à hauteur de 3.576 273,80€ n'a pas encore été liquidé en 2020, mais le sera uniquement en 2021.

Betreffend déi ordinär Recetten, muss ënnerstrach ginn, dass de Subside säitens vum Ministère du Logement vun 3.576.273,80€ fir de Bau vun 10 Appartements duerch d'SNHBM fir d'Gemeng, net 2020 ausbezuelt ginn ass wéi virgesinn, mä dëse wäert 2021 liquidéiert ginn.

DÉPENSES EXTRAORDINAIRES :

Budget 2020:	montants autorisés	13.775.752,82€
Budget rectifié:	montants autorisés	12.632.238,27€
	Différence	- 1.123.514,55€
Budget 2021:	montants autorisés	8.940.438€

Comme expliqué lors de la séance publique, les priorités du collège échevinal pour l'année 2021 résident essentiellement dans la nécessité dans l'agrandissement, respectivement de la modernisation du site scolaire de Bettendorf ainsi que dans la nécessité d'une mise en conformité des bâtiments communaux.

Wéi an der öffentlecher Sitzung ënnerstrach, sinn d'Prioritéite vum Schäfferot, d'Vergrësserung an d'Modernisatioun vum Schoulcampus an awer och d'Mise en Konformitéit vun de Gemengegebaier.

• Modernisation de l'ancienne école à Bettendorf :

Vu l'augmentation constante du nombre des habitants et vu le potentiel des 3 localités de la commune pour la création de nouveaux logements, tel que renseigné dans le nouveau PAG, il importe de faire des prévisions et d'anticiper alors qu'il est évident que le nombre d'élèves augmentera nécessairement avec le nombre d'habitants. Dans ce sens, un agrandissement dans un premier temps du site scolaire de Bettendorf est prévu de même que la rénovation et la modernisation des 4 salles de classes de l'ancienne école de Bettendorf et ce afin que ces salles puissent de nouveau être utilisées comme salles de classe. Le montant de 550.000€ est prévu à cet effet pour l'année 2021.

Wéinst dem permanente Wuesstem, de steigenden Awunnerzuelen, souwéi dem Wuesstemspotential

an den 3 Dierfer, sou wéi et och am neie PAG ausgewise gëtt, ass et wichteg ze antizipéieren. An dem Sënn ass eng Vergrësserung vum Schoul Site an enger 1. Phase zu Bettenduerf virgesi, souwéi och d'Renovatioun an d'Modernisatioun vun de 4 Klassenäll an der aler Schoul vu Bettenduerf. An deem Sënn si 550.000€ am Budget 2021 festgehalen.

- **Nouvel Equipement dans chaque salle de classe :**

La crise sanitaire liée au COVID 19 a également démontré la nécessité absolue d'équiper les salles de classe avec du matériel informatique pour permettre un enseignement à distance si un tel s'avère nécessaire lorsqu'une classe, voire un seul élève est mis en quarantaine. Ainsi, chaque salle de classe de l'école fondamentale sera équipée d'un beamer, d'un apple TV et d'un Magic Keyboard.

Déi sanitär Kris huet eis all gewise wéi wichteg et ass dat all eis Säll sou equipéiert si fir een Enseignement à Distance /Homeschooling kënnen ze erméiglechen, sief et wann eng ganz Klass oder och nëmmen ee Kand an Isolatioun oder Quarantaine ass. All Klass gëtt dofir mat dem selwechte Material dat heescht Beamer, Apple TV a Magic Keyboard ausgerëscht.

- **Aménagement d'une nouvelle cuisine :**

Au courant de l'année 2019, l'administration communale de Bettendorf a acquis une maison dans la rue du Pont à Bettendorf à proximité immédiate du site scolaire. Il y est prévu d'installer une nouvelle cuisine avec restaurant scolaire pour faire face aux besoins accrus dans la restauration scolaire surtout pendant le temps de midi. Le montant de 2.500.000€ est inscrit au budget 2021 à ce titre.

A titre informatif, il est intéressant de relever que l'administration communale emploie actuellement 3 cuisiniers à raison de 40 heures par semaine et 2 agents de nettoyage à raison de 30 heures par semaine pour les besoins de la restauration scolaire.

Am Joer 2019, huet d'Gemeng den ale Café an der rue du Pont kaf fir op där Plaz eng nei Kiche mat Schoulkantinn ze bauen, dëst och fir enger steigender Demande vun Elteren, besonnesch an der Mëttesstonn entgéint ze kommen. Fir de Bau vun dëser Infrastruktur sinn an enger 1. Phase 2.500.000€ virgesinn.

D'Gemeng beschäftegt de Moment 3 Käch an 2 Botzmadammen an hirer Kichen.

- **Ancien bureau de la Poste :**

Il y a deux ans, la décision fut prise d'aménager et de moderniser le bâtiment de l'ancienne Poste sis dans la rue du

Pont à Bettendorf pour les besoins de la conciergerie. Le montant de 400.000€ figure actuellement dans le budget rectifié.

Virun 2 Joer ass decidéiert ginn déi al Post ze moderniséieren a fir d'Conciergerie ze amenagéieren. 400.000€ stinn dofir am Budget.

- **Hall pour le Service Forestier du Triage Bettendorf-Tandel :**

Etant donné que les deux communes, Bettendorf et Tandel, ont l'obligation de mettre des infrastructures à disposition de son triage forestier et vu que le hall actuellement pris en location dans la localité de Brandenburg pour les besoins de ce triage ne sera plus disponible à partir de l'année 2023, le conseil communal a marqué son accord pour participer à raison de 50 % aux frais de construction d'un hangar contenant également un espace bureau, des locaux pour les ouvriers forestiers et des sanitaires. Il est prévu de construire ce hall sur le terrain dans la localité de Tandel près de l'atelier communal de l'administration communale de Tandel.

Dans ce sens le montant de 347.016,91€ a été comptabilisé dans le budget 2020. A ce montant, vient s'ajouter le montant de 400.000€ pour l'année 2021.

D'Gemeng Bettenduerf a Tandel hunn d'Obligatioun fir dem Service vum Fierschter Gebailechkeeten zur Verfügung ze stellen fir dat dee Service fonctionéiere kann. De Moment gëtt fir deen Zweck eng Hal zu Braneburg gelount. De Bail hei vir leeft awer 2023 of an et muss no enger anerer Léisung fir de Fierschter a seng Equipp gesicht ginn. D'Gemeng Bettenduerf huet sech dofir bereet erkläert, sech zu 50% bei dem Bau vun enger Hal mat Lokal a sanitären Infrastrukture fir de Fierschter a säi Personal, ze bedeelegen. De Bau vun dëser Hal ass beim Gemengenatelier zu Tandel virgesinn.

- **Terrain de football à Gilsdorf :**

Le budget pour l'année 2020 a prévu une dépense à hauteur de 800.000€ pour la construction d'un terrain de football synthétique à Gilsdorf avec à proximité immédiate une piste de pétanque et un terrain de beach-volley. Etant donné que des études géotechniques ont été réalisées au courant de l'année 2020 sur le terrain en question qui ont démontrées la présence de déchets inertes potentiellement dangereux, la construction du nouveau terrain de foot a malheureusement dû être reportée dans l'attente que des études complémentaires et plus approfondies soient faites et afin que les coûts supplémentaires pour l'évacuation de ces déchets soient évalués. Pour cette raison, et pour ne pas hypothéquer davantage le budget 2021, le montant de 800.000€ initialement prévu au budget de l'année 2020 a été réduit à 550.000€ dans le budget de l'année 2021.

C'est également, une des raisons pour lesquelles les dépenses extraordinaires pour l'année 2020 ont diminué de 1.123.514,55€ par rapport à ce qui a été initialement prévu pour cette année.

Am Budget 2020 war eng D pense vun 800.000  virgesi fir de Bau vun engem synthetesch Fussballsterrain zu Gilsdref mat enger P tanque Pist an engem Terrain fir Beach Volleyball direkt niewen drun.  tuden hunn awer lo erginn, datt an dem alen Terrain Bauschutt ze fannen ass, dee potentiell gef eierlech k int sinn. Weider Expertis  muss gemaach ginn an et muss genee chiffriert ginn w i vill Zousatzk schten datt op d'Gemeng g ingen duer kommen. Dofir huet de Gemengerot d cid iert, de Projet deels ze report ieren an de Posten op 550.000  erofgesat bis datt d'  tuden an eng nei K schterrechnung gemaach gi sinn.

- **Acquisitions de terrain :**

Au lieu de 500.000  pr vu pour l'ann e 2020, la somme de 1.300.000  a  t  inscrite au budget pour l'acquisition  ventuelle de terrains/b timents dans un but d'int r t public.

Fir de Kaf vun Terrainen oder Gebailechkeeten am  ffentlechen Interessi stinn 2021 1.300.000  am Budget.

- **Voirie vicinale :**

L'administration communale de Bettendorf pr voit de renouveler les trottoirs dans la rue Grouf et rue Roudeberg lors de la pose de fibre optique au courant de l'ann e 2021 par la Poste. Le montant de 135.000  figure   ce sujet dans le budget. De m me, elle a pr vu le montant de 160.000  dans l'hypoth se o  les travaux d'am nagement de la rue Clairefontaine d bouteront en 2021.

Et ass virgesi fir am Joer 2021 d' Trottoiren an der Grouf an am Roudeberg se erneieren nodeems d'Post de Glasfaser an deene Stroossen geluecht hutt. Heifir stinn 135.000  am Budget. Och stinn 160.000  am Budget fir d'K schte vun der Gemeng ze decken, sollt d' Kl ck 2021 amenag iert ginn.

Le budget rectific  pour l'ann e 2020 a finalement  t  vot  avec un boni de 8.178.774,53  et celui pour l'ann e 2021 avec un boni de 4.931.380,73 .

De Budget rectific  fir 2020 ass schlussendlech mat engem Boni vun 8.178.774,53  an deen vun 2021 mat engem Boni vun 4 931 380,73  gest mmt ginn.

Malgr  tout, le Conseil communal veut au courant de l'ann e 2021 faire une analyse d taill e des d penses ordinaires et continuer   adopter un comportement prudent face aux innombrables d fis financiers et autres auxquels il doit faire face dans les ann es   venir.

Trotz allem ass de Gemengerot fest entschloss am Joer 2021 en d taill iert Analyse vun den ordin ren D pensen ze maachen an och weider eng nohalteg a virsiichteg Attitude unzehuelen, besonnesch am Hibl ck vun all de finanziellen an aneren D fien, d i an den n chste Joeren nach w erten op eis Gemeng duer kommen.



DAPPESHAUS

SOMMAIRE

AALT BAUERENHAUS

SCHRÄINEREI

NEIBAU

17

24

26

Fotoen

Pierre Haas



NEIT LIEWEN AM DAPPESHAUS.

Paul Troes

No laangem Waarde sinn d'Dieren vun der neier Maison Relais an der Crèche elo endlech opgaangen.

Zäit also fir ee fotografesche Réckbléck op d'Dappeshaus ze maachen.

De Pierre Haas, eise Schloperfotograf, huet 2013 den Optrag vum deemolege Schäfferot ugeholl fir d'Entwécklung vum Dappeshaus ze dokumentéieren.

Mir weisen Iech hei just een Deel vu senge Fotoen, déi hien an de leschte Jore vum Dappeshaus gemaach huet.

Eng beandrockend Serie vum fréiere Bauerenhaus mat senge Ställ, senge Scheieren an aneren Ubauten, wéi ënnert anerem der Schräinerei.

Genéisst am Detail d'Dokumentatioun iwwert déi eenzel Chantieretappe bis zu der Fäerdegstellung.







Den Architekt Ralph Bingen ass a sengem Artikel iwwert d'Dappeshaus an der Broschür aus dem Joer 2000 op den Historique vum Gebai agaangen. D'Wunnhaus ass géint 1756 gebaut ginn.

Spuren an de Scheiere weisen drop hin, datt virdrun een anert Gebai scho géint 1644 do stoung. D'Scheier an d'Ställ goufen 1772 gebaut. De Bauerenhaff ass als typescht "Quereinhaus mit Winkelhof" ze gesinn.

Duerch den Hausgank, mam Kräizverwëllef, ass een an déi zentral Kiche komm.

D'Kräizverwëllef fënnt een och am Neibau erëm.












D'Scheiere goufen dunn an de 1960er Joren zu enger Schräinererei ëmgebaut.

D'Holzspéin sinn Zeien, datt mat de Maschinnen an dem Geschieer nach bis zum Schluss gezammelt gouf.

Nodeems de Gemengerot de 19. Februar 2003 d'Gebailcheete fir 198.315 € kaaft huet, gouf de Projet fir eng nei Maison Relais mat enger Crèche ausgeschafft an den 28. November 2012 gouf den Devis iwwert 6.410.000 € vum Gemengerot guttgeheescht..



Dëse grouse Projet fir d'Gemeng Bettenduerf ass du mat den éischte Commanden am September 2014 richteg un d'Lafe komm.

Déi nei Gebailechkeeten si mam bestoende Schoulkomplex verbonnen.

Den Zentrum vum Neibau ass an der aler Scheier, do wou sech och d'Entréesdier fir de Komplex befënnt. Am fréiere Wunnhaus huet den Architekt probéiert esou vill wéi méiglech déi initial Struktur ze erhalen.























De Chantier ass gutt verlaf. D'Ventilatiouns-, d'Heizungs-, d'Drächenbau- an d'Elektroarbechten si gutt weider komm an un de Pläng fir d'Bannenariichtung gouf intensiv geschafft.











Dunn ass et awer den 12. Juni 2017 zu engem Brand um Chantier komm. Eis Pompjeeë goufen um 12.55 Auer geruff a ware bis den 13. Juni um 12.30 Auer am Asaz.

D'Bettenduerfer Pompjeeë waren zu 23 Leit op der Plaz. Si goufen an hirem schwéieren an intensiven Asaz vun hire Kolleegeen vun Angelduerf, Ärenzdall, Dikrech, Ettelbréck an Tandel ënnerstëtzt (Fotoe vum Jean-Marie Sauber).

Den 13. Juni um 18.13 Auer sinn eis Pompjeeën nees an den Asaz geruff ginn, well eenzel Glousnäschter nees ugefaangen hunn mat brennen. De 14. Juni 2017 war dunn definitiv alles geläscht.

D'Diskussiounen iwwert d'Weiderféiere vum Chantier goufen tëschent der Gemeng, dem Architekt, den Handwierker an der Assurance gefeuert.

Ganz oder deels ofrappen, botzen oder erneieren vun eenzelen Deeler, opdeele vun de Käschten tëschent der Assurance an der Gemeng? Et stoung vill um Spill.

Schlussendlech gouf am Juni 2018 d'Commande fir den deelweisen Neibau vum Gebai ënnerschriwwen. Am Fréijoer 2019 ass et dunn nees richtig lass gaangen a just duerch d'Covid-19-Pandemie ass de Projet nach kuerz opgehale ginn, esou datt ab November 2020 déi nei Gebailechkeete genotzt konnte ginn.

An der Crèche kënnen laut Agreement vum 30. Oktober 2020 eng 40 Kanner an an der Maison Relais zanter dem 4. Dezember 2020 108 Kanner betreit ginn.

